


De Platte Knuet

N°1 2014-2015



Scoutslife



Dezember 2014



lalux

Sales-Lentz

BIL

Go URBAN Dorel an d'le Sponsoren

www.lgs.lu

L'assureur qui vous accompagne partout.



Vous cherchez une compagnie d'assurances qui vous épaulé à chaque moment de votre vie.

Nous privilégions la clarté et la simplicité dans nos différentes formules d'assurances. Partenaire stable et loyal, nous vous offrons des solutions qui vous facilitent la vie.

Conscients de l'importance de la proximité envers nos assurés, nous disposons du réseau d'agents le plus dense du pays. Nos collaborateurs sont à votre écoute et nous permettent d'agir au bon moment.

Découvrez les avantages de votre espace client



lalux for you

sur www.lalux.lu

lalux - meng Versécherung



Scoutslike-E Wëllefchen ass ëmmer frou

Wéi ech Enn de 70er Joere vum leschte Jorhonnert bei d'Wëllefcher komm sinn, houg an eisem Sall, grouss dat deemolegt Wëllefchersgesetz, dat mam Saz ugoung: E Wëllefchen ass ëmmer frou.

Am Ufank hunn ech dat komesch fonnt. Wéi kann een ëmmer frou sinn oder ëmmer laachen? No an no hunn ech awer verstanen, dass dëse Saz an einfache Wieder eis sollt opruffen, eng positiv Liewensastellung fir eis z'adaptéieren. Ech war also do an engem Veräin gelant, deen sech net nëmmen als Zil gesat hat, mech a meng Kollegen zwou Stonnen an der Woch ze beschäftegen. Nee, déi wollte mir do Wäerter vermëttelen, sech a mäin Liewen amëschen, andeems si mir Weeër weise wollten, wéi ech et kéint liewenswäert maachen.

Ech sinn dobäi bliwwen a mäin Frëndeskrees ronderëm de Veräin ass ëmmer méi grouss ginn. Spéitstens nom éischte Camp hat ech richteg gutt Frënn fonnt, déi mech ab elo begleet hunn. Séier hunn ech gemierkt, dass et net nëmmen mir esou gaangen ass, mee dass och aner Kollege vum Virus gepaakt gi sinn. Zesummen hu mer eise Wee duerch d'Guiden a Scoute gemaach, mee och duerch d'Liewen.

Och wann haut d'Wëllefchersgesetz vu viru 40 Joer net méi do hänkt, huet sech um Sall an un de Kanner a Jugendlechen, déi Woch fir Woch hei flott Aktivitéiten erliewen näischt geännert. Si wäerten sech grad ewéi hir Virgänger engagéieren am Guide/Scoutsmouvement an d'Geschécker vum Grupp op hier Aart a Weis weiderféieren. Dëst Engagement wäert si positiv prägen. Jidderee vun hinne wäert seng Plaatze fannen a wann si zesummenhalen a Loscht hunn zesummen ze schaffen, zesummen ze(er)liewen, dann wäert hire Wee bei de Guiden a Scouten richteg gutt ginn. Well op kenger anerer Plaatze gëtt de Mënsch mat deem wat hie kann, mee och mat deem wat hien net kann, esou eescht geholl wéi bei eis. Scho laang hunn d'Guiden a Scouten verstanen, dass een nëmme kann eppes erreechen, wann ee gemeinsam um nammlechte Strang zitt. Duerch eis Aktivitéiten léiere mir zesummenzehalen, am Grupp eens ze ginn an eis fir eppes ze engagéieren.

D'Frënn vu viru 40 Joer sinn nach ëmmer do a kucke mat vill Respekt op d'Engagement vun de Jonken vun haut. Et sinn Wëllefcher bliwwen, déi probéieren frou ze sinn an dës positiv Liewensastellung weiderzeginn.

An deem Sënn wënschen ech alle Guiden a Scouten, egal wéi aal dir sidd, e flott Aktivitéitsjoer, mat villen neien Frënn.

Marc WEIS, Gilwell-Leader

Inhalt	Säiten		
Réckbléck: Sabanqar	4-5	Mr Science	20-21
Aus de Gruppen	6-9	Kachen	22
Aus de Branchen	10-12	Skugi	23
Back in time	14-15	PS-Säiten	24-25
Iddie-Këscht	16-17	Recommandation	26
Spiller	18-19	Chefsäiten	28-31





Réckbléck



Foto: C. Pirsch

No 2 laangen an intensive Jore Virbereedung war et dëse Summer esouwäit. Zu Leideleng-Gare huet et vum 24. Juli bis den 2. August nëmmen esou vu Pirate gewimmelt, déi all op den nationalen Avexcamp komm sinn. An kierzter Zäit ass eng ganz Piratestaad mat senge Schëffer aus dem Buedem geschoss, an dëst sollt déi Plaz ginn, wou 800 Avex, Chef a Staff eng onvergesslech Zäit sollte verbréngen.

Säit der Erëfnungsveillé dierften de Piraten-Pol an de Misch jidder Avex en Begrëff gewiescht sinn, well de ganze Camp iwwer huet ee missten hinnen aus dem Schlamassel hëllefen. Dofir haten se awer e megafloot Lidd matbruecht, wat et esouguer an d'Top 20 vun der Hitparad um Radio gepackt huet, an um Camp ëmmer fir eng super Stëmmung gesuergt huet, well all Pirat et aus déifster Broscht konnt matgröllen.

Flott Aktivitéiten hunn derfir gesuergt, datt keen sech op deenen 2 Souscamps „Taranis“ a „Cracked Mast Tavern“ gelangweilt huet: Dead-Islandtree-Olympiad, Feiervéillée, Challenge, Nuetsspill, Ateliers, Disco, Bänkenconcours, Visiten, Hike, Rallye, Truppendag a villes méi.



Och op deene méi offiziellen Deeg, wéi op der VIPrezeptioun an op dem Besuchsdag konnten eis Visiteuren nëmme staunen, wat et alles zu Sabanqar ze kucke gouf.

Anstänneg geduscht gi si mer allerdéngs och e puer mol, mee dat bréngt e Pirat net aus der Rou, scho guer net, wann e säi Schëff souwisou am Hafen huet a super Piratenkollegen, déi dann eng Hand mat ugepaakt hunn, wann et geheescht huet „Schiff unter“.

Déi 10 Deeg, déi de Sabanqar gedauert huet, si wéi ëmmer vill ze séier ëmgaangen, mee jiddereen huet bestëmmt vill Souveniren an nei Frëndschafte mat heem geholl, an dëst mécht datt keen Avex dëse Camp esou séier wäert vergiessen.

Merci un jiddereen, deen derzou bäigedroen huet, datt och dësen nationalen Avexcamp e vollen Erfolleg ginn ass, an an deem Sënn : **Saban---qar---qar---qar!**

PS: Wien e klengen nostalgische Moment wëllt verbréngen, dee kann sech dat grousst Pirateschëff vun eiser Holzekipp an de „Parc Merveilleux“ zu Beetebuerg ukucke goen, dat huet nämlech do en neit Doheem fonnt!





Aus de Gruppen



Mir, d'Briddeler Scouten hunn aplaz vun der Montée e Rally an der Stad.

Mir haten e Spill, wou mir ee Mega-Selfie gemaach hunn. Et ass dorëms gaangen, esou vill wéi méiglech Leit op eng Foto ze kréien. Pro Persoun gouf et Punkten. Mir haten och Extra Punkte fir Leit mat Brëll, Kanner, Zwillingen, Leit mat Akaafstute mat Liewensmëttel dran, mat eppes roudem un, etc.

Mir haten och eng Slackline, hei kruten d'Kanner pro 3 Meter, wat si gepackt hunn, Punkten. An der Mëtt hunn se dann 1 Ball geworf, a wann se den Eemer getraff hunn, kruten si Punkten. Fir de groussen Eemer gouf et manner Punkten wéi fir déi méi kleng. Mir haten och ee Parcours mat verbonnenen Aaen beim Piratenschëff.

An och nach aner Spiller: Legomemory -> D'Leit soutzen mam Reck zueneen an se hunn missen enger Beschreiwung vun enger Legoskonstruktioun nolauscheren an se nobauen. Schëffer bauen -> bei der Péitrus hunn

d'Leit Pobeiersschëffen missen bauen an an d'Péitrus geheien. Pro Schëff wat ukomm ass an erausgefëscht gouf, sinn et Punkten gin.

Waat sinn d'Scouter -> Mir hunn Scoutsutensilien (Täschmesser, Gamelle, Beluet, etc.) verstoppt an d'Leit hunn se missech sichen

Parcours mat Aufgaben léisen -> Bei engem Posten goufen et 4 Aufgaben (Schubkarrennen, neel aklappen, op Stelzen goen, etc) ze léisen an d'Gruppen konnten sech selwer andeelen wien waat gemach huet. D'Aufgaben hunn eng no der anerer missen gemach gin an herno huet déi schnellsten Equip gewonnen.

Kiim Spiller -> een Schmaach, fill, kuck (se hunn sech Sachen missen mierken an herno auswennege soen) an lauschter (geraische héieren an soen waat et ass) Kim goufen gemach.

Chris Chapman

Montée zum Thema "Gummibären" vum Grupp St Benoît Cliquier zu Fünfbrunnen

Vam 18-19 Oktober haten die Cliquier Scouten op der Pafenmillen hir Montée. Mëttes um 14:00h sinn eis Scouten akommen, dono goufen an den eenzelene Branch (Wëllef, Avex an CaraPio) déi méi gross Scouten verabschied an déi nei am Ruddel/Clan opgeholl. Bei de Wëllefcher kruten déi, déi an d'Avex gaange sinn Aufgabe gestallt (z.B. Kanner no der Hoerfaarf sortieren), a wor se falsch oder net fiändig kruten si als „Strof“ eppes op de Kapp (z.B. Miel). Fir déi Nei am Ruddel opzehuelen, goufe si mat 1-2 Wëllefcher op e Rallye mat 4 Statiounen geschéckt (Schminken, Seelparcours, Afebreck a Scmaachen) Bei den Avex missten déi Nei zu 2 an 2 eng Schubkar maachen an duerch de Buli goen, an déi méi grouss, déi an d'Pio gaange sinn, kruten z.B. Miel op de Kapp. Bei de Pio han déi Nei Owes am Däischteren e Rallye va Fünfbrunnen op Wilwerdang gemat, wou si dann an enger

Scheier geschlof han. Um 18:00h wor eng Mass mat eisem Aumônier, wou mer beim Denkmal van den Judden eng kleng Zerominie afgehalen han, an du gouf eng Mass am Sall afgehalen. No der Mass han mer eis all zesammen eng gutt Penne Bolognese schmache gelooss. Owes han Chefen eng Veillée gspillt zum Thema "Gummibären", wou d'Trollen de Gummibären d'Buch fir den Zaubertrank geholl han. All Branche hat och 1-2 Sketcher, Lidd, Danz oder Spill gemat fir ze hëllef, fir d'Buch zrëck ze kréien. An zum Schluss kruten d'Gummibären d'Buch zrëck a fir déi gutt Hëllef kruten si als Belounung en Téi. No der Veillée sinn d'Wëllefcher heemgaang, d'Avex han do geschlof an d'Pio han sech op hire Wee gemat.

Cathia Jacobs Chef-Wëllef



11 Bands ...

1000 Leit ...

120 Volontären ...

1 Bühn ...

5500 Becheren ...

400 Burgeren ...

Den 13. September 2014: Een Dag voll mat Emotiounen, Stress, Beweegung, Musek an den Oueren, mä dësen Dag bleift eng schéin Erënnung fir d'Clairrwer Guiden a Scouten. Den 1. Funky Donkey Festival ass elo riwwer, een Openair-Musiksfestival organiséiert vun de Clairrwer Scouten mat grousser Hëllef vun der Amicale vun de Clairrwer Guiden a Scouten, den Eltere vun de Kanner an eise Sponsoren.

11 Bands hunn d'Bühn zu Clairref geroockt. De Serge Tonnar a Legotrip, Mambo Schinki, The Groove Factory an nach vill aner lëtzebueresch Bands. Eng Band « Blind Freddy » aus München hu mir och dee ganze Weekend bei eis am Chalet opgeholl. Musikalesch gouf Clairref mol rëm erwächt !

Net nëmme Musek war den Dag präsent, mä och ee Jongleur, puer Maartstänn an een Informationsstand vun der ONGD « Guiden a Scouten fir ENG Welt ». Wisou war d'ONGD um Festival? Ma well déi Clairrwer Scouten hire Festival organiséiert hunn, fir een Deel vum Akommes weiderzeginn. Hei war d'ONGD eisen éischte Choix, well déi Clairrwer säit méi wéi 20 Joer op Projeten an der Welt matginn an hëllef.

Si mir frou? Jo! Maache mir weider? Jo!

Dofir haalt lech lo well den 12. September 2015 fräi, fir déi 2. Editioun vum Funky Donkey Festival.



Luc Reuter Et war cool mat sou enger motivéierter Equipe ee Festival ze organiséieren wou zum Schluss souguer bal näischt schif goug. Freeë mech schonn op déi nächst Editioun!



Serge Tonnar Merci, Du funky Iesel, dat war TOP! Super Equipe vun de Scouten, weider esou!



Sandy H. Et war wierklech eng super Ambiance gester Owend! Top Aarbecht vun där ganzer Equipe!! Onbedängt widderhuelen!



Montée vum Grupp Abbé Poncin Schëffleng zum Thema Zirkus den 10. Oktober 2014

All eis Montéeskandidate vum klengste Biber bis zum Pio sinn a gemeschte Gruppen (Klonen, Léiwen an Zirkusdirekter) géinteneen ugetrueden. Si hu missen zesumme schwéier Attraktiounen an der Arena um Schëfflenger Bierg hirem Publikum (all die aner Biber, Wëllef, Avex, Pio an Chef) bidden. No der gelogener Zirkusvirstellung (Montée) si mir erëm all zesammen bei eist Home gaang, wou mir zesumme gegrillt hunn. Et war eng flott a gelonge Montée.

Claudine Dostert





Aus de Gruppen

Nom Motto „Never Stop Exploring“ hu mer eis knapp een halleft Joer laang de Kapp zerbrach wéi, wou a wat mer am Summer op eisem Camp wëllen ënnerhuelen. Aus “just” Iddi'en ass dunn schlussendlech ee komplette Camp entstan.



Den 06. August 2014 ass et du lassgaangen op Stockholm, Schweden. Nom Arrivé hu mer nach eng leschte Kéier eise Ravi opgestockt, Kaarten a Gas kaaft an den Zuch direkt op eis éischt Etappe geholl.

Fir déi nächst Deeg stoung Hike um Programm. Eis Iddi vun dëser Etappe war et, an éischter Linn der Natur vu Schweden méi no ze kommen, eis aneliewen an an de Genoss vum “Jedermannsrecht” ze kommen. Nieft méi oder man-ner schéinen Abschnëtter, duerfte mer Owes gemittelt beim Feier op eise Schlofplazen nei Energie tanken.

Nodeems den zweeten Dag ëm war, hu mer leider misse feststellen, wéi sech d'Stroossenetz vun der Groussstad Karlstad (Värmland) ëmmer méi no baussen, an eis Richtung, bemierkbar gemaach huet. Dëst hat eis den Hike esou komplizéiert gemaach, dass mer decidéiert haten, eis per Bus nördlech ze deplacéieren, fir hei déi zwee lescht Deeg vum Hike duerchzezéien.



No dësem Feldzuch ware mer der Natur well ee grousst Stéck méi no. Et war also de Moment fir déi manner schéin Erënnerunge vun den langweiligen Stroossen ze vergiessen. D'Laun vun eisem Clan, déi duerch déi lescht Deeg schonns ee bëssen ugeschloe war, huet sech nees erkrabbelt. A spéitstens wéi mer Owes eis wonnerbar Schlofplaz direkt bei engem Stauséi erreicht hunn, hat och jiddwereen rëm ee Laachen am Gesicht. - Ech muss zouginn, bis hei

war et net einfach, an ech hat mer déi éischt Etappe definitiv méi gemittelt virgestallt, schliisslech wollte mer eis an dësen Deeg jo just “aliewen”.

No enger gemittelter Nuecht, engem gudde Maufel an enger Luxus Dusch am Stauséi goug et den Dag drop a Richtung nächst Etappe. Am Duerf, dat mir den Owend erreicht haten, wollte mir eigentlech eise Ravi op een neits opstocken. Et huet sech allerdéngs erausgestallt, dass et hei ausser engem “Loppis” näischt géif ginn. An der Hoffnung, dass “Loppis” vläicht ee klengen Duerfbuttek wier, hu mer eis voller Hoffnung op d'Sich gemaach. Wéi mer de “Loppis” bis fonnt haten, huet sech ganz séier eng miserabel Laun iwwert eis verbreed. Et huet sech just ëm ee Floumaart gehandelt. De Gedanken, dass eise Ravi just nach bis den nächste Mëtteg géif duer goen, huet eis alleguer néier geschloen. Mer woussten alleguer, den nootste Buttek war op 13km. Wéi mer eis dunn fir eng Zäitchen op enger Plaz néiergelooss hunn, fir ee klore Kapp ze kréien, hunn mer op der anerer Säit vum Floss eist eigentlech Zil gesinn.

Op der enger Säit ware mer een Dag ze fréi fir déi nächst Etappe, mä op der anerer Säit hate mer kee Ravi méi fir ee weideren Dag mat grousser Ustren-gungen duerchzestoen. Mer hunn also decidéiert riwwer ze goen op de “Wild-camp zu Gunnerud (Värmland)”, Organisateur vun eiser Floossfahrt (2. Etappe). Och hei gouff et näischt z'essen ze kafen, mä glécklecherweis krute mer de selwechten Owend bëssen Geméis, dat verschidden Gruppen iwwereg haten, déi vun hirer Floossfahrt rëm koumen. No enger onerwaarten grousser Moolrecht goug et dunn mat vollem Mo an d'Zelter. Den Dag drop stoung fir eis näischt um Plang, sou dass mer eis eng wuelverdénkten Auszäit gegénnt hunn. Den Owend goug et mat engem Aféierungs-Kurs iwwer d'Floossfahrt weider, wou alleguer nach schnell déi nei Kniet dierften üben. Den nächsten Dag moies fréi si mir op d'Bauplaz vum Flooss (50km nördlech vu Gunnerud) gefouert.

Wéi mer op der Plaz ukoumen, huet et och direkt ugefaang mat Reenen. Waarden déngt hei keen eppes, d'Flooss muss fäerdeg ginn. Géint 09h00 hu mer mam Bau vun eisem Flooss ugefaang. Stamm fir Stamm hu mir erof an d'Waasser gerullt fir hei alles uneneen ze strécken. Déi éischt Halschent war fir d'Mëtteston fäerdeg. An trotz dem Reen, deen dëse Moie keng Paus ge-maach huet, war eng gutt Laun ënnert eis. Mer hunn eis wuel alle véier op déi onvergiesslech Adventure gefreet. Géint 17h00 war et endlech sou wäit, eist Floß stoung a voller Pracht um Ufer vum Klarälven, prett fir fort ze zéien.

Ee leschte Check, a scho goug et lass. An elo gëllt et zu 4 während 4 Deeg op 18m² ze verbréngen, an Teamwork ze weisen wann et drop ukënnt.

Trotz dem Gewicht vu knapp zwou Tonnen, déi duerch knapp 200m Seeler

festgehal ginn, hu mer fréi genuch misse beweisen, dass mer d'Flooss zu véier kënnen ënner Kontroll behalen. Während de véier Deeg hu mer eist Flooss viru Sandbänken, sougenannte “Backwater”, Fielsen a Beem missen schützen, an dëst goug nëmme mat kräftegem paddelen op allen Ecke vum Flooss.



Zu de Rouzäiten um Flooss, wa mer eis vun der Stréimung dreuwe gelooss hunn, war de richteg Moment fir sech d'Natur ënnert d'Haut goen ze loosser. Een Elsch hu mer zwar net gesinn, mä dofir eng Rëtsch Bibber, déi d'Ufer mat hiren Bauten zoustellen, a Wëllef déi de Vollmound unhaulen.

“Esoubal et Mëtteg laut, gëtt e Feierlach gebaut...”, esou war et um Flooss awer net, fir während dem Dag um Ufer unzedocken war leider keng Zäit, dofir gouf fläisseg um Flooss gekacht, a wa mol een zwësch hi misst J, dann duert en sech mam Kajak op den Tour maachen. Mä hätt de Kajak da net déi blöd Lächer gehat, da wier een op d'mannst mat engem drëschnen Hënner zréck op d'Flooss geklomm J

All Owes hu mir um Land d'Zelter opgeschloen, mä och wann et a Schweden eréischt géint 23h00 schummereg gëtt, sou si mer den éischten Dag voll an d'Nuescht gefall, a kruten eist Flooss no enger méi schwéierer Aktioun géint 02h00 endlech un d'Ufer.

Wann ech elo zréckdenken, muss ech zouginn, dass dës 4 Deeg um Flooss eng aussergewöhnlech Erfahrung waren. Vergläiche kann een dës mat kenger anerer. Vun Teamfähgkeet weisen, Scoutstechniken uwenden, Kniet maache bis Chargen erfüllen (jo och um Flooss muss gespullt ginn) war alles dobäi.

Véier Deeg um Flooss ass eng laang Zäit, zemools wann d'Wierder sech net vun senger beschte Säite weist. Mä, wéi et geheescht huet d'Flooss ausereneen



Never Stop Exploring

ze bauen, war eis dunn awer alleguer bewosst, dass mer grad ee Stéck Erën-nerung ofbauen. Stamm fir Stamm sinn eis Erlebnisse mat der Stréimung vum Flooss weider gezunn (dës Stamm ginn nees opgefaang an erop op d'Bauplaz gefouert). Wier dach nëmme de Fotoapparat net op hallwer Streck futti gaan-



gen, dann hätte mer kënnen eis Erlebnisse op méi Fotoen festhalen.

No eiser Floossfahrt hu mer eis schlussendlech zréck op Stockholm gemaach wou mer nieft der Visit vun der Stad, eng rëtsch Geocaches gesicht hunn an an enger Kabin vun engem Schëff iwwernuecht hunn. Och wann dës Kabin just 3m op 5m grouss war, sou hu mer et awer hi kritt eis zwee Zelter, déi naass agepak gouffen, ze drëschnen. (Schued, dass et heivunner keng Fotoen ginn J)

Mä virun allem wäert eisen Openthalt a Stockholm dovu geprägt bleiwen, dass eng Partie vun eise RaRo hiert Engagement fir sech a fir d'Guiden a Scouten, an enger entspaanter a spiritueller Ambiance ofgeluecht hunn.


Mat positiver Astellung a flotten Erënnerungen hu mer eis den 17. August rëm op den Heemwee gemaach.

An menger Scoutschkarriere, déi net manner wéi 14 Joer zielt, hunn ech scho vill gesinn a matgemaach. Vun enger Odyssee bis de Weltjugendtag zu Rio de Janeiro, vu groussen international Campen bis grouss national Campen. An spéitstens no dësem Camp kann ech soen, ech hunn eppes neies a menger Scoutschkarriere erlieft: Ee ganz speziellen Camp, ganz nom Motto “Never Stop Exploring!”

Fir d' Ranger/Rover Mère Thérèse Housen-Houschent

www.lgs-houhou.lu

MALEK Cédric Clan-Chef






Aus de Gruppen

Salut !

Mir sinn d'Biberfamill vu Nidderaanwen. Well mir sou gär dobausse sinn, hu mir lescht Joer all eis Versammlungen dobaussen gehat, ob Sonn, Reen oder Schnéi. Dat war immens flott, mir hate vill Spaass dobäi a mir hu ganz vill geléiert.

Mir wollten lech puer Aktivitéiten presentéieren, déi mir gemaach hunn a déi dir vläicht an ärer Versammlung nomaache kënn.



Um Weekend zu Bech hu mir Holzreschter, e puer Neel an e bëssen Pesch Lokomotiven gebaut.
Nëmmen mat natierleche Material si mer auskomm, fir flott Leemännercher ze bastelen.



Wou d'Indianer op Besuch woren hu mir mat Leem a Kräit eisen „Bamtotem“ gemaach.



Mat Hëllf vun e bëssen Tapetenkleister a verschidden-faarwegem Buedem hu mere is ege Faarf gemescht an domadder zeusammen e grousst Bild gemoolt.



An um Camp woren mir Gäscht bei de Wikinger um Näihäischen. An hierer grousssem groussen Haus mëtten am Bësch hu mir geschlof, giess, gekacht a vill flott Aktivitéiten gemaach.

Aus de Branchen

„Challenge accepted!?!“

wor de Motto vum Weekend de Lancement vun de RaRo um Neihaischen. 81 top motivéiert RaRo opgedeelt a 14 Clane sinn ugetrueden, fir sech de Challenge ze stellen. D'Raro-Ekipp selwer hat sech natierlech och e Challenge gesat : Wa mer et packen, 40 oder méi RaRo op de Lancement ze kréien, gi mir bei d'Gewënnerekkipp op hierer nexter Aktivitéit eng Stonn laang de Comptoir maachen.

Hiren 1. Challenge hunn d'RaRo mat Bravour geléist. Wien denkt, RaRo wieren net kreativ genuch hiere Wee op Neihaischen ze fannen, hat sech op dësem Weekend zimlech getäuscht. Mat „alles wat rullt“ bis op e selwer gebastelte Won aus Kaddien, wor alles dobäi. Och dobaussen an den Zelter ze schlofen, wor fir d'RaRo e klenge Klacks, obwuel de gudde waarme Chalet op si gewaart huet. Samschdes owes hunn si hiert allgemengt Wëssen ënnert Beweis gestalt – agedeelt a 4 Ekippen hunn si sech tapfer duerch eise Jeopardy gekämpft awer och nëmme well et virdrun e leckere Pakalu ginn ass J

Sonndes huet du Stonn vun de Challenge geschloen. Vu Béierkëschtentierm à la American Gladiator bis iwwer Seelzéien, hu Clanen sech a verschidde Challenge duelléiert, fir erauszefannen, wien de beschte Clan am Land ass. Allianzen net ausgeschloss, fir un hiert Zil ze kommen. Schlussendlech hat um Enn de Clan vun Dikrech d'meescht Punkte gesammelt. D'Ekippen kënn, wéi gewett, 1 Stonn op en Event vun hirer Wahl de Comptoir maachen.

Mir haten e memorable Weekend a freeën ons op d'next national Aktivitéit mat eise RaRo.

D' RaRo Ekippen



CaraPio Regional-Ekippen Norden

Am Norden huet sech mëttlerweil och eng CaraPio Regional Ekippen geformt. Mat derbäi sinn d'Gruppe vu Dikrich, Eschduerf, d'Ettelbrécker Guide wéi och Scouten, Groussbus a Klierf. Ze erreeche si mir per E-Mail op: cp_norden@lgs.lu

Nieft engem Cheftreff um Ufank vum letzte Joër, hate mir als aller éischt Aktivitéit e Bowlingturnoi zu Heischent organiséiert. Et woren all Gruppe vertrueden an mir hatten herno ronn 40 Leit um Tournoi. Déi Klierfer CaraPio hu schlussendlech gewonnen.

Laurent Pott



Aus de Branchen



Dem Albatross säin Eck !

Konkurrenz duerstellen!

Deen éischten Punkt, deen dest Joer soll ugepaak ginn ass deen fir eng aktuell Lescht vun den Albatross am Land opzestellen an och fir en evt. Austausch enntereneen public ze maachen. Am November kritt dofir all Gruppenchef an Albatrossresponsabel (déi, déi am Verband registréiert sinn) en Bréif mat engem klengen Questionnaire gescheckt. Merci fir ierch dofir e puer Minuten Zeit ze huelen, dat géif hellefen fir en besseren Iwwerbleck iwwert d'Albatross am Land ze kréien.

Mellt ierch bei Reckfroen einfach op albatrossen@lgs.lu. Dann wollt ech awer och profitéieren fir dem Jhāngi, deen déi lescht Joeren d'Albatross als Coordinateur beim Verband vertrueden huet en groussen Merci fir sein Engagement ze soen. En zweeten Merci dann och nach un den Pol vun den Dikkricher Albatross, deen e.a. op Facebook d'Seit Albatrossen LGS opgemaach huet, fir déi ech hei och gaeren Reklamm maachen wéilt.

Philippe Jeitz

Wéi um Chefdaag ugekennegt, versichen ech ab lo emmer en klengen Artikel iwwert d'Albatross am Platten Knuet ennerzebringen.

Ech wollt als éischt mol all den Leit, déi Mettes um Albatross-Workshop matgemaach hunn en ganz groussen Merci soen. Den Interessen war grouss, et war en flotten Austausch an et sinn interessant Iddien proposéiert ginn. Et kount dobei och rem ganz kloer eraus, dass d'Albatross déi aaner Branchen bzw. e Grupp ennerstetzen bzw. ergänzen an secher keng



BIBERTREFF
Beggen 05.07.2014



Scout toujours, même sur ta carte bancaire !



Dès à présent, commande ta carte bancaire BIL gratuite et personnalisée aux couleurs du LGS sur www.bil.com ou en agence.

Retrouve-nous sur



Cette offre est soumise à conditions.
Renseignements sur www.bil.com ou en agence.

Vous avant tout



BANQUE
INTERNATIONALE
À LUXEMBOURG

Banque Internationale à Luxembourg SA, 69 route d'Esch, L-2953 Luxembourg, RCS Luxembourg B-6307

(+352) 4590 - 3000 www.bil.com




What the society think I do...



What my parents think I do...




What my friends think I do...



What I think I do...



What my leaders think I do...



What I do...

Wat ass Scoutsluke? Dës Fro ze beäntweren ass schwéier. All Mënsch huet eng aner Meenung oder Virstellung, wéi d'Scoute sinn oder sollte sinn. Scout ze sinn ass e Liewensgefill, wat jiddereen anescht erlieft. Et gëtt awer Idealer, déi een nostriewe kann: „Probéier dës Welt e bësse besser ze hannerloossen, wéi s du si virfonnt hues.“ Maacht äre eegen „What think I do“ Collage a schéckt et eis op plat-teknuet@lgs.lu. Déi bescht ginn op dem Site www.lgs.lu publizéiert.

D'Billen sinn aus dem Scoutszeitung Fanion vu 1954 bis 1957.



What the society think I do...



What my friends think I do...



What my leaders think I do...



What my parents think I do...



What I think I do...



What I do...



What the society think I do...



What my parents think I do...



What my friends think I do...



What my leaders think I do...



What I think I do...



What I do...



Mir bauen eise Chalet

Scout ass een an engem Grupp an net fir sech eleng.

Teamgeescht, Zesammenhalt, Frëndschaft zeechen e Grupp aus.

Wéi funktionéiert dir an ärem Grupp? Wéi organiséiert dir iech? Wou huet deen eenzelne seng Plaz am Grupp? Wéi ass d'Chargeverdeelung?

Dës Aktivitéit hëlleft iech d'Äntwerten op dës Froen ze fannen, dir kënnt dat an ärer Branche an enger Versammlung oder op e Weekned maachen, awer och am ganze Grupp.

Zäit: 3-4 Stonnen

Material: Zeitungen, Kartongkëschten, Schéier, Pech, Joghurtsdëppercher asw..., wat een esou am Home/Chalet fënnt.

Esou geet et:

1. Chalet/Home bastelen

E Modell vum Gebai gëtt mat Kartongkëschten a Pabeierstécker nugebaut. Hei ass et wichteg, dass dir Zäit hëlt esou vill Detailer vum Haus duerzestellen, wéi méiglech.

2. Autoportrait

Jiddere bastelt seng eege Persoun mat Materialien, wéi ee Loscht huet. Wann d'Figur fäerdeg ass, gëtt um/hannert/am/vir Gebai plazéiert, wou sech d'Persoun am léifsten ophält, wou een am meeschte schafft, wat een am léifsten huet asw...

3. Chargeverdeelung

Dir kënnt d'Aarbechten, déi an ärer Famill, Ruddel, Trupp, Clan, Grupp ustinn, op eng kreativ Aart a Weis duerstellen an ënnert iech verdeelen.

D'Billen sinn um Grupperotsweekend vum Lënster Grupp entstanen. Si hu kleng Blummendëppercher op d'Mauer gepecht, all Dëppche war eng Charge. D'Leit hunn hir Nimm op Ziedel geschriwwen an si an d'Dëppercher geluecht.

De Fändel

All Scoutsgrupp huet säi Fändel, dee normalerweis mat op de Camp geholl gëtt. Villäicht kënnt dir fir de Camp äre Fändel selwer maachen, mat dem Thema vum Camp oder ärem Maskottchen drop. De Fändel um Bild ass um Sabanqar am Friddenszelt entstanen.

Material :

al Stoffer, Kleeder, Textilfaarwen, Fuedem, Nol



Frëndschaftsbändchen



Hues du um Camp nei Frënn fonnt oder wëlls du einfach denge Frënn eng Freed maachen, hei ass eng Iddi, fir si eppes selwer ze maachen. Kniert sinn ëmmer en Thema bei de Scouten, bei dësem Kado kanns däers vill üben.

Esou geet:

Du hëlls 6 bis 8 Firdem vu 70 bis 90 cm Längt méchs e Knuet bei 15 cm, dann zortéiers du d'Fiedem no Faarwen. Du hëlls ëmmer den éischte Fuedem vu lénks a méchs e Knuet (wéi um Bild 1) mat dem 2. Fuedem dann den nächsten asw.. Dëse Fuedem hält du ëmmer an der rietser Hand, mat der lénker Hand hëlls du déi aner Fiedem en nom aneren.


Wann s du mat engem Fuedem eng Rei gemacach hues, hëlls du rëm den éischte Fuedem vu lénks asw...

D'Bändchen huet eng Längt vu 12-15 cm fir Kanner. Wanns du fäerdeg bass, méchs du zum Schluss en Trëtz 6 cm laang op all Säiten. Wou s du ugefaangen hues, muss du den Ufanksknuet rëm lassmaachen.

Material :

faarweg Fiedem, Sécherheetsnol

Dir fannt nach Beschreibungen um Internet: youtube/freundschaftsbänder





Spiller

Bommeleeëerspill

4 oder méi gläich grouss Ekippen
An all Ekipp gött et Wächter a Bommeleeër
2 oder méi Schiidsrichter(Chef)
Dauer: Déi Ekipp gewënnt, déi fir d'éischt keng Bomme méi huet oder d'Zäit gött begrenzt op 30-45 Minutten an d'Bomme gi gezielt.
Material:
Pro Kand (Bommeleeër) 3 Bommen (Loftballonen, Holzstécker, Nëss asw...) am beschte fir all Ekipp eng aner Faarf
Plaz: Wiss oder am Bësch, wou net ze dicht bewuess ass
Keng Täscheluuchte fir d'Spiller, nëmme fir d'Schiidsrichter
Zil vum Spill ass, um Enn vum Spill pro Ekipp esou wéineg Bommen ze hunn, wéi méiglech. Dat heescht esou vill Bommen a feindleche Lager ze plazéieren, wéi méiglech.
Esou geet et:
All Ekipp huet e Lager bannen am Spillfeld, dat virum Spill vum Schiidsrichter festgeluecht gött. All Ekipp kritt gläich vill Bommen.
En oder méi Wächter iwwerwaachen d'Lager. D'Zuel vun de Wächter bestëmmt all Ekipp fir sech. D'Wächter dierfen net gefaange geholl ginn, si si virum Lager plazéiert. D'Wächter kréie keng Bommen, si verteidege just d'Lager. Si kënnen d'Bommeleeër vun den aneren Ekippe mat engem Ofklappe gefaangen huelen.
D'Bommeleeër dierfen ëmmer nëmmen eng Bomm mathuelen, si probéieren dës Bomm an e feindlecht Lager ze bréngen. Wann si vun engem Wächter ofgeklappt ginn, mussen si mat an d'Lager goen, si si gefaangen an si mussen hir Bomm engem Schiidsrichter ginn, deen d'Bomm an d'Lager vum Bommeleeër zréckbréngt.
Wann engem Bommeleeër geléngt eng Bomm an d'Lager ze plazéieren, ginn all Gefaangene fräi.
D'Schiidsrichter iwwerwaachen d'Spill, si passen op, datt d'Gefaangene mat an d'Lager ginn an datt si hir Bommen ofginn, a wann engem Bommeleeër et geléngt eng Bomm ze plazéieren, datt d'Bomm och am Lager bleift.
Et ass ganz wichteg virum Spill d'Regelen z'erklären an datt d'Spill nëmmen da funktionéiert, wann et fair gespillt gött.



Sneak!

Spiller: 2 Ekippen, Schiidsrichter (Chef)
Plaz: Bësch (e Stéck ongeféier esou grouss, wéi en Handballfeld)
Material: Kaartespill, Knickliichter (Glowsticken)
Virbereedung: D'Spillfeld gött markéiert an d'Liichter gläichméisseg verdeelt, Kaarte gi sortéiert an zwee Dealer geschnidden an op all Dealer duebelsäitege Pech festgemaach.
D'Leit ginn an zwou gläich grouss Ekippen opgedeelt. All Ekipp sicht sech e Lager bannen am Spillfeld a markéiert et.
Eng Ekipp kritt all Häerz a Kräiz Kaarten, déi aner Ekipp all Karo a Pik Kaarten. Jidderee kritt eng Kaart, déi an zwee geschnidde ginn ass a pecht si op säi Kleed, eng Halschent vir, déi aner op de Réck.
D'Zil ass, esou vill Kaarte vun der anerer Ekippe a Liichter ze sammelen, wéi méiglech.
Esou geet et:
All Ekippe probéiert d'Liichter a säi Lager ze bréngen a d'Leit aus der anerer Ekippe ze fänken. Fir e Feind ze fänken, muss een dem seng Kaart beliichten an haart soen, wéi eng Kaart deen huet. De Gefaangene muss seng Kaart a wa Liichter huet, och déi ofginn. Dono muss hien nei Kaart siche goen.
D'Spill geet esou laang, bis eng Ekippe keng Kaarte méi a sengem Lager huet oder keng Liichter méi am Spillfeld sinn.
Um Enn vum Spill gött gezielt: eng Kaart = 1 Punkt, zielt nëmmen, wann déi zwou Halschenten do sinn, Liichter = 2 Punkten.
Regelen:
Een dierf ëmmer nëmmen e Liicht mathuelen.
D'Kaarten dierfen net bedeckt ginn.
D'Kaart vum Feind muss erkannt an net gerode ginn.
D'feindlecht Lager ka gestiermt ginn.
Sech verstoppen ass erlaabt.
Een dierf seng Kaart wiesselen, wann de Feind si gesinn huet.
Ouni Kaart dierf ee kee gefaangen huelen.

Schatzjuegt

Spiller: 2 gläich grouss Ekippen
Material: 2 Schatzkëschtchen (z.B. Schongkëscht, d'Chef kënnen d'Këschte preparéieren mat klenger Iwwerraschung dran), Woll an zwou Faarwen
Plaz: Bësch, dee gutt gebotzt ass, d'Spillfeld sollt virum Spill markéiert ginn. Duerch d'Spillfeld sollt e Wee lafen, deen et an zwee Felder deelt, de Wee ass neutraalt Gebitt.
Zil vum Spill: De Schatz vun der anerer Ekippe ze fannen.
Esou geet et:
All Spiller kritt dräi Liewensfiedem an der Faarf vu senger Ekippe. D'Fiedem gi ronderëm den Aarm gebonnen, wann d'Woll net gutt rappe léisst, kann een si och an d'Box stiechen, esou, datt et eraushänkt.
Déi zwou Ekippe kréien d'Schatzkëschtchen, déi si bannen am hirem Spillfeld verstoppen. Elo mussen d'Spiller probéieren de Schatz vun der anerer Ekippe ze fannen, dobäi mussen si natierlech op d'feindlecht Spillfeld. Wann een do erwëscht gött, kritt e Liewensfuedem ofgeholl a muss op dem neutrale Wee zréck op säi Spillfeld. Deen, dee keng Fiedem méi huet, muss ophalen. Déi Ekippe, déi de Schatz vum Feind fënnt oder de leschte Liewensfuedem ofhëlt, gewënnt.

Laf fir deng Liichter!

Spiller: 2 gläich grouss Ekippen, 2 Schiidsrichter
Material: 15-20 Glowsticke pro Ekippe, Woll an zwou Faarwen (soll liicht ze rappe sinn)
Plaz: Wiss oder Bësch, deen net vill bewuess ass (ongeféier 50x100 m), d'Spillfeld gött an zwee Felder opgedeelt, un déi zwee Enn gi Gruppfelder markéiert, ongeféier 5 m Radius am Hallefkrees, wéi op engem Fussballfeld virum Goal.
Zil vum Spill: Esou vill Glowsticken ze sammelen, wéi méiglech ouni „d'Liewen“ ze verléieren.
Esou geet et:
All Spiller kritt e Fuedem ronderëm den Aarm gebonnen, dat ass säi Liewen. Dono kréien d'Ekippen d'Glowsticken, déi si op hirem Gruppfeld verstoppen.
Elo fänkt d'Spill un. D'Ekippe lafen op d'Feld vun der anerer Ekippe a probéieren hir Glowsticken ze klauen. Wann een e Glowstick ergattert, kann op säin eegent Gruppfeld lafen an do et nees verstoppen.
Wann engem säi Liewensfuedem ofgeholl gött, muss ee bei de Schiidsrichter, fir en neit Liewen ze kréien.
D'Spill ass fäerdeg, wann eng Ekippe keng Glowsticke méi huet, oder wann d'Zäit begrenzt gött, déi Ekippe, déi d'meescht Glowsticken huet.

Feierstratego

Spiller: 2 Ekippen (min. 8 Spiller), 2 oder méi Schiidsrichter
Material: 2 x Feierset: Axt, Beil, Feierholz, Pabeier, Fixfeier, asw... alles mat der Faarf vun der Ekippe markéiert, Kaarte mat Stratego-Personnagen an zwou Faarwen (kee Fändel), Steng fir Feierplaz.
Stratego-Personnagen no Stärkt:
Bomm, Feldmarschall, General, Oberst, Major, Haaptmann, Mineur, Leutnant, Spioun. Wann de Mineur op eng Bomm trëfft, ass de Mineur méi staark.
Plaz: Bësch mat zwou Plazen, wou ee Feier ka maachen, d'Spillfeld an zwee gedeelt, soll virum Spill markéiert ginn.
Virbereedung: Et gi, wéi am Stratego Personnage vum General bis Spioun op Käertercher geschriwwen. Um Spillfeld gi zwou kleng Feierplaze gemaach, hei ass d'Lager vun den Ekippen an de Prisong fir de Feind (3x3 m)
Zil vum Spill: d'Feierset vun der anerer Ekippe ze fannen an domat Feier maachen. Déi Ekippe gewënnt, déi fir d'éischt Feier mécht oder méi Gefaangenen huet, wann d'Zäit begrenzt gött.
Esou geet et:
All Ekippe kritt e Feierset a geet op säi Spillfeld, fir d'Saachen ze verstoppen. D'Spiller kréien hir Kaarten a da geet et lass. D'Ekippe probéieren op d'feindlecht Spillfeld ze kommen an d'Saachen ze fannen. Wann si op ee vun der anerer Ekippe treffen, mussen si gläichzäiteg hir Käertercher weisen, dee mat dem méi héije Rang kann deen aneren an de Prisong féieren, an dem Moment dierfen si net festgehalen ginn. Wann de Gefaangene Saachen dobäi huet, muss hien si ofginn (si gi rëm verstoppt). D'Gefaangene kënnen vun engem Spioun aus der eegener Ekippe befreit ginn, en Ofklappe geet duer. Wann zwee de selwechte Rang hunn, ginn si rëm auseneen.
Oppassen:
D'Kaarte solle gläich an deenen zwou Ekippe verdeelt ginn.
Op d'Mannst 2 Spioune pro Ekippe.
D'Zuel vun de Bommen a Mineure soll ausgeglach sinn.
Bei manner wéi 12 Spiller pro Ekippe solle Kaarten aus dem Mëttelfeld aussortéiert ginn (Oberst, Major, Haaptmann).


Nuetsspiller



Codename

Spiller: op d'mannst 2 Ekippen all Ekippe kritt eng Faarf, 4-5 oder méi Mataarbechter, Chef
Material: pro Ekippe e Géigestand, dee verstoppt gött, Pabeier, Bicken, Täscheluucht nëmme fir Chef a Mataarbechter
Plaz: Bësch, d'Spillfeld soll virum Spill markéiert ginn
Zil vum Spill: Déi Ekippe, déi säi Géigestand als éischt fënnt, gewënnt.
Virbereedung: Pro Ekippe soll e Géigestand verstoppt ginn. D'Nimm vun de Géigestänn ginn op Blieder an der Faarf vun den Ekippe geschriwwen (kann och a Geheimschrëft geschriwwen ginn). D'Nimm ginn an sou vill Dealer opgedeelt, wéi vill Mataarbechter a Chef matspillen, z. B.: Eng rout Strëmp gött fir d'rout Ekippe verstoppt, ro - ut S - trë - mp gött op rout Pabeier geschriwwen a véier gedeelt, wa 4 Chef matspillen, si kréien all e Stéck vum Numm. All Chef kritt e Codename, wéi z. B. Bottercrème.
Esou geet et:
D'Mataarbechter a Chef verdeelen sech um Spillfeld, si bewegen sech d'ganz Zäit. All Ekippe kritt e Codename a geet lass, fir de Chef ze sichen. Wann si e Chef fanne mussen si de Codename nennen, wann si de richtege Chef fonnt hunn, kréien si en Deel vum Blat an den nächste Codename, wann net, mussen si eng Aufgab erfüllen (Quizfro, pompelen, Pyramide bauen asw...) a kënnen weider goen. Wann si all Dealer vum Wuert hunn, kënnen si de Géigestand sichen.





Ms Scienece um Sabanqar

Maler, Bildhauer, Architekt, Mechaniker, Ingenieur, Erfinder, Mathematiker, Botaniker, Anatomiker, Geologe, Naturphilosoph...-Genie! Nebst der Mona Lisa und dem vitruvianischen Menschen hinterliess Leonardo da Vinci (1452-1519) auch seine Notizbücher. In ihnen finden sich unter anderem eine ganze Menge an technischen Zeichnungen: So auch die Leonardo-Brücke(n). Da Vinci's Ziel war eine einfache, leicht transportierbare Konstruktion – dies ist ihm auf jeden Fall gelungen.

Eine Leonardo-Brücke besteht aus ineinander verkeilten Holzstücken: Die Zahl und Dimensionen der Brückenelemente sind dabei variabel, bestimmen aber jeweils Länge und Höhe der gebauten Brücke. Es gibt mehrere Varianten der Leonardo-Brücke, auch wenn das Prinzip immer gleich bleibt. Je nach Bauart braucht man z. B. ein Minimum an 6, 8, oder 9 Bauteilen. Im Modellbau eignen sich kleine Holzteile, wie z.B. die Hölzer vom Eis am Stil; für grössere Brücken nutzt man Holzbretter oder gar dünne Baumstämme. Wichtig ist, dass das benutzte Material starpazierfähig, aber nicht zu flexibel ist. Ausserdem sollen zumindest die Längsverstreben wenigstens 10x so lang wie breit und möglichst gleich sein; Querverstreben können (müssen aber nicht) kürzer sein. Wie die Längsverstreben sollten auch die Querverstreben einander in der Länge möglichst gleich sein. Ideale Materialien sind zudem rau und abgeflacht. Runde Materialien, wie die vorher angegebenen Holzstämme eignen sich zwar auch, unterliegen aber einer geringeren Reibungskraft und müssen daher mit Kerben in den Elementen zusätzlich verstärkt werden.

Berechnung der nötigen Bauteile je nach Zahl der Brückensegmente (n): $3n = x$ -Bauteile (minimale Zahl 9)

Durchführung

Modellbrücken lassen sich leicht allein oder zu zweit bauen, für größere Brücken sind Gruppen von 4-6 Leuten gut geeignet. Im folgenden Schema zeigen wir den Aufbau einer Brücke aus minimal 9 Bauteilen (6x längs und 3x quer); jedes zusätzliche Brückensegment benötigt 3 zusätzliche Bauteile (2x längs und 1x quer). Wichtig ist, dass alle Längsverstreben und alle Querverstreben jeweils

möglichst parallel zueinander liegen.

1. Zwei Querverstreben werden auf flachem Untergrund parallel zueinander verlegt. Auf diese legt man nun im rechten Winkel dazu zwei Längsverstreben.
2. Auf die Längsverstreben platziert man mittig eine dritte Querverstreben (parallel zu den anderen Querverstreben).
3. Nun wird es schwieriger: Auf der rechten Seite baut man zwei Längsverstreben so ein, dass sie über der mittleren und unter der seitlichen Querverstreben festsitzen.
4. Auf der linken Seite wiederholt man die Prozedur. Dies ist die kleinste Brücke, die man mit dieser Technik bauen kann.
5. Um die Brücke zu vergrößern, baut man rechts und/oder links weiter an. Dazu legt man eine Querverstreben unter die letzten Längsverstreben und baut zwei neue Längsverstreben so ein, dass sie unter der neuen Querverstreben und über der nächstgelegenen Querverstreben festsitzen. Zum Weiterbau wird dieser Schritt immer wieder wiederholt.

Prinzip

Die Leonardo-Brücke ist allein durch die Reibung zwischen den verkeilten Bauelementen stabil. Übt man Druck auf die Brücke aus, verstärkt sich auch die Reibungskraft: Die Brücke stabilisiert sich also zusätzlich bei Belastung – die Maximallast ist aber durch Baumaterialstärke begrenzt. Die Spannweite der Leonardo-Brücke hängt z. T. natürlich von der Zahl der Brückenelemente ab. Trotzdem gibt es hier eine Begrenzung: Je mehr Elemente man einbaut, um so steiler wird die Brücke und ist im Endeffekt nicht mehr praktisch. Doch auch die Länge und fader Höhe der verwendeten Baumaterialien sind wichtig: Kurze, hohe Hölzer resultieren in einer stärker gebogenen Brückenform (und daher weniger Spannweite) als lange, flache Hölzer.

Brücken-Rätsel:

Die Leonardo-Brücke kennen wir nun, doch was macht man, wenn man nur vier gleich lange Bretter zur Verfügung hat, um einen Graben zu überqueren, der etwas breiter ist als die Bretter lang sind?



eng Leonardo-Brück mat klengen Staangen, 2 Étagen héich, ongeféier 1,30m héich, 80kg stinn ouni Problem drop



eng Leonardo-Brück mat laange Staangen, 1 Étage héich, ongeféier 1,80m héich



déi Brück mat den laange Staangen ass e gudd Stéck méi schwéier! Do muss jiddereen hëllef



Leonardo-Brück mat laangen Staangen, gudd aligniert an stabil, hält gudd 450kg aus, 30 Minuten Aarbecht mat den noutwendegen Pausen



Räumen / Emgeheien vun den Staangen

Salut,

ech sinn de Max, ech si Pio-Chef bei de Walfer Scouten.

Eis Trupp war d'Joer um Together-Camp vun der FNEL um Kierchberg. Op engem « Aktivitéiten-Nomëtteg kruten ech d'Charge, mat de Scouten eng

Leonardo-Brück ze bauen, obwuel ech dat nach ni vidrun selwer gemaach hunn.

Ech krut en Dokument "Musterlösung/Vorgehensweise", fir dass ech Bescheid wousst.

Wat ass eng Leonardo-Brück?

Eng Brück aus Holzstaangen, déi sech selwer dréit, ouni Ficelle oder Neel.

Dës Atelier hätt den Numm « Learning by doing » wierklech verdéngt! Déi eenzel Gruppen vun jeweils 6-10 Leit si bei mech komm. Ech hunn hinnen gesot, se missten elo eng Brück bauen ouni Ficelle oder Neel, nëmme mat Holz.

Fir d'éischt gouf ech mat groussen Fragezeichen rëm zréckbekuckt, bis du puer Leit aus der Grupp einfach mol probéiert hunn.

Et huet net sou laang gedauert, bis d'Wieder "Reiwung" an "verkanten" gefall sinn.

Wann et néideg war, hunn ech se op déi richteg Spuer bruecht oder just déi éischt Staange richteg geluecht.

Wann ee lo nach keng Idee huet, wéi daat funktionéiert, hei eng kleng Aleedung:

1. Dräi Staangen als "H" op de Buedem leeën, déi mëttelst Staang ass uewen.
2. Zwou Staangen laanscht den "H" op déi mëttelst leeën.
3. Déi zwou laang Staange vum 1. "H" an der Mëtt ophiewen an eng kleng Staang an d'Mëtt dobäi maachen.
4. Selwescht wéi den 2. Punkt, mee op der aner Säit.
5. Rëm eng mëttelst Staang drënner leeën an d'Brück ass well an der Luucht an hält vun alleng.
- 6-11. esou weiderfueren.

Ech soen iech, dat ass de Wäert auszuprobéieren. Ech wëschlen iech vill Spaass dobäi!

Max Peping vu Walfer 😊

Pak»alu» mol anescht



Wat därf net um Menu op engem Weekend oder Camp feelen?

PAKALU

Oft gëtt nach Sëlwerpabeier benotzt, fir d'Zutaten anzepaken. Dat ass awer net immens « scoutslike » an nohalteng. Et gëtt eng Variant, wou de Pakalu an der Gamelle mat Kablesbieder gemaach gëtt. Hei gëtt et keen Offall, deen der Ëmwelt schuede kann.

E weidere Schrëtt ass de « Pakkables ». An dësem Fall gëtt alles aus Metall ewechgelooss an nëmme mat Naturproduite gekacht.

Dir kënnt de Pakkables esou wéi hei virgestallt an engem Gargruef maachen, geet awer och an engem Dëppen um Feier.

1. E Gruef maache vun ongeféier 60x60x60 cm. Dir braucht Steng, déi am Feier net zersprangen a Brieder fir ofzedecken. D'Steng ginn am Feier opgehëtzt (+/- 1 Stonn).

2. Esoulaang de Gargruef a Steng virbereet ginn, kënnen d'Pakkabese gemaach ginn.

Dir braucht fir 6 Persounen :

1 de krauseleg, grénge Kables (Wirsing)

1 Porette oder Ënn

zwei Hänn Räis

1 Kg Gehacktes

Salz, Pfeffer, Gewierzer nom Goût

D'iewescht Kablesbieder ginn ofgehall, si ginn dono als Schutz op d'Steng oder am Dëppen ënnen higelucht. D'mëttels Blieder gi fir d'Roulade geholl, déi ganz kleng kann ee schneiden a mat deenen aneren Zutaten gutt mëschen.

D'Fëllung gëtt op d'Blieder geluecht, zesummegerullt a mat enger Ficelle festgebonden.

3. Wa Steng ganz waarm sinn, ginn si an de Gargruef geluecht, ee kann nach e bësse Glous derbäileeën. Hei kommen d'graff Kablesbieder drop, dann d'Pakkabesen. Dir kënnt dat ganz mat dem Rescht vum Kables bedecken oder nasse Wues dropleeën. Da gëtt de Gruef mat de Brieder zougedeckt a mat Buedem Loftdicht gemaach.

No ongeféier 45 Min. - 1 Stonn sinn d'Pakkabese gutt.

E gudden !



e Skugi war dës Kéier mam Vëlo ënnerwee bei eisen Nopere an der Belge. Et gëtt e wonnerbare Vëloswee ronderëm Arel. De Circuit ass 54 Km laang mat vill Saachen, déi een ënnerwee entdecken kann z.B.: D'Buerge vu Sterpenich an Autelbas, Vëlosmusée vu Weyler, Abtei vu Clairefontaine an als Hihglicht de Scoutsmusée zu Bonnert. Méi Informatiounen fënnt dir op: www.arlon-tourisme.be, www.museeducycle-weyler.be.

Hei si puer Tipps fir Schlofgeleeënheet:

Hébergement pour jeunes (40 Persounen)

Bonnert, rue de la Platerie

Tel.: 0032 63 24 56 86


Centre d'accueil (5-130 Persounen)

Domain de Clairefontaine, Tel.: 0032 63 24 01 80

Terrain de Camps

Attert/Heistert, rue du Burgknapp,

Tel.: 0032 63 22 56 32



Scouts musée zu Bonnert




Dësen internationale Scouts musée ass eng privat Sammlung, besiche kann een et op Rendez-vous. **Herr Madague**, deen d'Sammlung verwalt, mécht eng Visite guidée, déi ongeféier 1 Stonn dauert. Iwwer 4 Etagen a 7 Säll erstreckt sich d'Ausstellung, déi vill Exponaten aus aller Welt ze bidden huet. Dir fënnt méi Informatiounen ënnert: www.museescout.be.



Dem Skugi säi Challenge

Dem Skugi säi nächste Challenge féiert dës Kéier an d'Zentrum vum Land. Fënns du oder deng Trupp/Clan dës Plaz, maach eng Foto op der Plaz a schéckt se eis op: platteknuet@lgs.lu. Déi Trupp/Clan, déi als éischten dräi Challenge gemaach huet, kritt als Belounung e GPS-Apparat.

Also maacht iech mam Skugi op den Tour!



49.662473 / 6.144427

Dem Skugi säi Challenge huet an der leschter Nummer op Käl gefouert.

De **Paul Frieden** vun den Escher Juppen huet d'Spuere vum Skugi entdeckt, dofir huet hien och e kleng Kado kritt an de Grupp 1 Punkt fir de GPS gesammelt.

Merci Paul!





Perséinlech-spirituell Säit

Du bass an de Scouten, an ärer Grupp erliewt dir villes matteneen. Flott Momenter awer villäicht och manner schéines. Zesummen sidd dir op engem Wee. Dir wëllt och zesummen eppes ereeche. Villes gelängt iech, munches geet awer och an d'Box.

Wou sidd dir de Moment ënnerwee?

Gidd eraus, sicht iech eng flott Plaz. Sicht Géigestänn, déi symbolesch déi schéin Momenter an déi manner schéin duerstellen. Leet mat deene Saachen de Wee wat dir alles scho mateneen erlieft hutt an wëllt ereeche.



Sonn: Dir huet e flotten Camp, eng Sortie, e Projet zesummen erlieft un deen dir iech gär erënnert. Wat sidd dir am plangen wou dir iech drop freet?



Apel: Do war eng Aktivitéit wou de Wuerm dra war, dir sidd iech beim Plangen net eens ginn. Et war einfach alles faul.



Ziel: Wat sinn är Ziler. Wourun wëllt dir nach schaffen. Wat fir eng Aktivitéiten sinn iech wichteg.

Mir sinn zesummen ënnerwee

Mir ginn e Wee
munchmol géi an ustrengend
munchmol riicht a bequem.

Eise Wee ass voll vun Iwwerraschungen,
geprägt vu gudden a schlechten Erfahrungen.

Heiansdo si mir midd, traureg an hunn keng Loscht.
Heiansdo si mir voll Freed a ganz begeeschtert ënnerwee.

Kräizungen zwängen ons zu Entscheedungen,
Flott Plaze lueden ons zum Ausrouen a
Schëlter ginn ons d'Richtung un.

Heiansdo verlafe mir ons a mussen ëmdréinen.

Et ass gutt, datt mir net eleng ënnerwee sinn.
Villäicht kënne mir een deem aneren hëllef
Villäicht gi mir esou richteg Frënn.

Herr, gib uns Augen

Neuseeland



Déi Suessemer Scouten hunn am Kader vun hirer Jubiläumsfeier an der Mass hire Wee geluecht wéi si déi lescht 35Joer erlieft hun an wou si weider hi wëllen.



Säit méi wéi 25 Joer verbënnt d'Aktioun « Friddenslicht » d'Scouten op der ganzer Welt, an hirem Asaz fir Fridden an Gerechtegkeet. All Joer treffen si sech den 3.Advent zu Wien, vun wou aus si d'Friddenslicht, dat zu Betlehem an der Geburts-grott ugefangen gouf, matt an hir Heemechtslänner huelen, an et do weiderverdeelen.

Aus dëser Tradition eraus, an als Erënnung un den Ufank vum 1.Weltkriech virun 100 Joer, hunn sech dës Joer déi belsch, franséisch, däitsch a lëtzebuergesch Scouten zesummen geden, fir en kloert Zeechen vu Fridden, a kulturellem Austausch iwwert d'Grenzen ewech, ze setzen.

Dës international Begëinung fënnt den 20. Dezember am Raum Schengen statt.

Mir lueden all Scoutsgruppen an, un dëser eemoleger Aktioun deelzehuelen

Um Programm steet:

14 :00 Méiglechkeet fir un enger Wanderung bis op Perl deelzehuelen

16 :00 – 17.30 branchenspezifesch Ateliers am Schengen Lycée

17.30 lessen

18.30 Ufank vun der Friddenslichtfeier am Schengen Lycée
Ofschloss matt Ausdeele vum Friddenslicht op der Bréck zu Schengen

20 :00 gemittlecht Zesummesinn

Aschreibe soll een sech per Mail bäim michele.hilger@lgs.lu virum 01.Dezember andeems een den Numm vum Grupp an d'Zuel vun de Leit ugëtt.



Friddenslicht

www.friddenslicht.lu



Schengen / Perl

Samschdeg, 20. Dezember 2014

zesumme mat Guiden a Scouten aus der Tréier Géigend

16-19 Auer: Workshops an lessen am Schengen Lycée zu Perl
19 Auer: Friddenslichtfeier op der Bréck zu Schengen



Den Eréis ass fir d'Aktioun: «Partenariat mam Niger» Déia BIL LU10 0021 1929 8216 5200 (Aktioun Friddenslicht)





Recommandatioun

Léif Guiden a Scouten,

Grad an ären Aktivitéiten ass et nawell heiansdo interessant fir mol op en Film zeréck ze gräifen, wann et drëm geet fir mat de Kanner a Jugendlechen zu engem Thema an d'Gespréich ze kommen.

D'Erwuessenebildung huet d'lescht Joer seng Online-Mediathék lancéiert mat Filmer aus dem sozialen, etheschen, reliésen, kulturellen an Ëmwelt-Beräich. De Moment besteet eis Offer aus 140 online Filmer a ca. 850 DVDs.

D'online Filmer kënn dir direkt erof lueden iwwert de Site www.ewb.lu an d'DVDs kënn dir direkt um Site bestellen an dir kritt se da gratis per Post zougeschéckt. D'Zeréckschécke per Post ass iwwregens och gratis.

Wann Dir elo Interesse hutt mellt iech direkt un um Site (www.ewb.lu), ënnert dem link « Mediathék ». Onbedéngt bei der Rubrik „Institution“ dobäi schreien, dass Dir Member vun de Scouten/LGS sidd.



IM LETZTEN SOMMER

DVD Schweden 2012

Dauer : 15'

Sprooch : schwedesch, däitschen Ënnertitel

Branche : Avex – Cara-Pio

Themen : Déiereschutz – Verantwortung – Konflikt

Zum Inhalt :

Am Mëttelpunkt steet de 10 järege Leo matt sengem Papp, déi matt der Famill un engem Séi a Schweden Vakanz maachen. De Film besteet aus 6 Episoden, an deenen de Papp sengem Jong well bäibréngen, dat ee behutsam mat Déiere soll ëmgoen, de Leo wëll awer éischer matt Déieren experimentéieren. Esou geroden déi zwee a Konflikt mateneen.



An Zesummenaarbecht matt der Erwuessenebildung setze mir an den nächsten dräi Nummere vum Platte Knuet eng Auswiel vu Filmer, mat deenen dir an äre Branche schaffe kënn. D'Filmer sinn als Ureegung fir eng Diskussioun oder Austausch zu engem bestëmmten Thema geduecht.

MACROPOLIS

DVD Web-DVD Irland 2012

Dauer : 8'

Sprooch : ouni Dialog

Branche : Biber – Wëllefcher

Themen : Frëndschaft – Behënnerung – Integratioun – Selbstbestëmmung

Zum Inhalt :

Zwou feelerhaft Poppen entkommen der Entsuerung an enger Spillsaache-fabrik. Et géngt hinnen a leschter Minutt de Camion ze erreechen, deen se an e Spillsaache-buttek bréngt an hei landen se dann an der Fënster. E Jong entdeckt se an ass direkt begeeschtert vun dese feelerhafte Produkter. Hien ass nämlech e Pirat, an do sinn den Hond mam hëlze Been, an d'Kaz matt der Aklapp vill méi interessant wéi all déi aner perfekt Poppen déi all d'selwecht ausgesinn.



INTO THE WILD

DVD USA 2007

Dauer : 148'

Sprooch : däitsch – englesch

Branche : Cara-Pio – Raro

Themen : Sënn vum Liewen – Abenteuer – Biografie – Fräiheet – Identitéit – Abschied

Inhalt :

E jonken Mann mécht sech op de Wee a wandert op den Spueren vun der amerikanescher Romantik, zwee Joer laang duerch d'USA, fir zu sech selwer ze fannen. An Alaska stampft hien tapfer duerch den Schnéi an schéngt sengen Dreem hei méi no ze kommen...

Parce que votre événement sera toujours le plus important.



Navettes pour entreprises / Événements d'entreprise / Service groupes sur mesure
Nouveau: Éco-étiquette reprenant l'empreinte carbone de votre transfert

COOL BUS

Party Bus by Sales-Lentz

RENT ME

Des soirées cool dans un bar roulant



Like us on Facebook

coolbus.lu

CULT EXPRESS

Party Bus by Sales-Lentz

Préparez-vous à passer des soirées Cult!

RENT ME



Like us on Facebook

cult-express.lu

event rider
pick me up

You have the event?
We have the rider.



eventrider.lu

Informations et réservations
Sales-Lentz, vos experts pour la location bus
☎ (+352) 26 65 11 (lu - ve 8.00 - 17.00)
www.sales-lentz.lu

Sales-Lentz
moving people



Meng eicht Weltkonferenz fir WAGGGS

3ten Juli-Donneschdes. Ech kommen um Flughafen un an gesinn d'Misch schonn wenkend do stoen. Als Guide/Scout sinn ech jo allzäit bereet, mä trotzdem hat ech een komescht Bauchgefill. Wat erwaart mech zu Hongkong?

Mat mengen 2 decken Classeuren am Handgepäck, iwert déi wonnerbar Prozeduren an Regeln vum enger WAGGGS-Konferenz, klammen ech zesummen mam Misch an den Fliger. Iwer London dann op Hongkong.

Dohannen ukomm, Uniform a Foulard ugedo a raus. Endlech am Hotel ukomm an wat do sinn nëmmen Guiden aus aller Welt duerch d'Géigend gelaf. Mat engem Laachen um Gesiicht hunn mir dunn séier agecheckt: Hei waren mir doheem.

Een vun den Ziler vum enger Weltkonferenz ass 'network-building'. Dat heescht souvill wei méiglech Kontakter mat aneren IC's aus der ganzer Welt ze knüpfen fir sou informéiert ze sinn, iwwert alles wat sech an der Guidenwelt sou deet. Konkret heescht et genial Leit kennenzeléieren, een immensen Kulturaustausch an eng Millioun Visitékaarten sammelen. Déi eicht Deeg war ech am YoungLeaders-Programm, deen den Participanten ënner 30 Joer eng kleng Introduction op d'Konferenz gebueden huet. Dunn, no enger flotter Openingceremonie mat interessanten Rieden, war d'Weltkonferenz un. Wei dunn deen Dag drop um hallwer 7

den Wecker geschellt huet, ass mir rëm agefall, dass ech net an der Vakanz war. Den Haaptgrond vum der Weltkonferenz ass den World Board Committee fir déi nächst 4 Joer ze wielen. Et hunn sech dann verschidden Fraen opgestallt, an iwwer den Laaf vun der Woch, leiert een déi kennen an decidéiert zum Schluss weing Persounen ons Interêt am beschten ëmsetzen wäerten. Dëst heescht ënneren aneren vill Meetingen, mat zB der DSK (déi däitschsproocheg Guiden) an aneren Länner, fir Strategien opzestellen fir dass déi richteg gewielt ginn. An déi Meetinge kennen schon beim Moiesiessen lass goen, oder genee sou gutt vun 8 bis 10 owes sinn. Well während dem Dag ass Konferenz wou een all méiglech Projeten /Campen fiergestellt kritt, immens interessant an inspiréieren Rieden vun Leaders aus aller Welt héiert, Mitgliedschaft vun Länner ofstëmmt, méi kleng Meetinge zB mat nimen Europa huet, oder nimen iwwer Thema Religioun a klengen Gruppen an an an.

Ech hunn extrem vill bäigeléiert a kennegeléiert, déi puer Deeg sinn verflunn wei näicht an den Abschied ass extrem schweiergefall. Trotz der Technologie vun Haut, kann et awer daueren bis een seng Frënn aus aller Welt rëm gesäit.

Schei Guide a Scoutsgrëss,

Nicole IC WAGGGS



WOSM Weltkonferenz: Néi Stratégie a néien *Chairman

D'Weltkonferenz an de Weltjugendforum vu WOSM ass déi gréisste Konferenz vum Weltscoutsverband a fënnt nëmmen all dräi Joer statt. Dowéinst sinn dës grouss Treffen och méi ewéi nëmmen eng Assemblée Générale vum Weltverband mee gläichzäitig och e Forum fir Exchange an Ausschaffen ronderëm Programm a Strategie.

Vum 4. bis den 7. August war zu Rogla de Jugendforum mat 160 jonke Participanten aus aller Welt. Dese Forum gëtt der Jugend eng konkret Stëmm am Weltverband. D'Weltscoutskonferenz war dann zu Ljubljana vum 11. bis de 15. August. Hei gouf decidéiert ween néie Member bei WOSM ka gëtt, ween am Weltcomité vertrueden ass, wou den Jamboree a Moot sollen ofgehale ginn a wéi d'Stratégie als Organisatioun an Mouvement vun de Scouten an Zukunft soll ausgesinn. Hei waren d'SIL Verrieder de Claude Frantzen, Tom Rippinger, Djuna Bernard an d'Nathalie De La Fontaine.

De néien Chairman vum Weltscoutscomité heescht Joao Armando, hien ass eng bekannte Persoun bei den LGS als fréiere Committee Contact fir Lëtzebuerg am Europacomité a war laang Zäit a regelméissegem Kontakt mat an op Visitten zu Lëtzebuerg. De Joao huet e kloer Focus op Programm an der Entwécklung vun de Jonken, ass eng staark Perséinlechkeet an een openeen a faire Scout, huet an Europa ënnert aneren den Roverway an d'Academy

lancéiert a wäert wuel am Weltcomité aner Akzenter setzen ewéi den aktuellen Chairmen.

WOSM huet sech op der Weltkonferenz awer och eng néi Stratégie ginn, déi och am Exercice vum RAP vun den LGS wäert als Input wichteg sin:

By 2023 Scouting will be the world's leading educational youth movement, enabling 100 million young people to be active citizens creating positive change in their communities based on shared values – Today's Scouting develops tomorrows leaders !

D'Haapttheme vun de Resolutiounen waren: Spirituality in Scouting, World Scout Youth Programme Policy, World Scout Youth Involvement Policy, Leadership in Development in the Youth Programme, Global Support to NSOs, Scouting and Human Rights, Peace Education in Scouting, Advocating for a better world, Mobility programme for scouts at university abroad

Méi Infos fann dir um Blog vun der Konferenz: <http://lgs.lu/node/2328>

Claude Frantzen IC WOSM

***President**



International Campen 2015



EDITO

You're Up! c'est d'abord une grande aventure, 15 000 européens rassemblés en juillet 2015!
Une aventure sur une semaine oui, mais c'est surtout un échange, une rencontre qui commence dès maintenant grâce au jumelage.

Où You're Up! c'est un partenariat entre une unité européenne ou du Scoutisme Français et une unité des Scouts et Guides de France.
L'objectif est de faire connaissance le plus tôt possible, de se découvrir de construire ensemble un projet pour le vivre durant un camp d'été incroyable s'ajoutant aux 8 jours de Jamboree.

Ce jumelage c'est un pas en avant vers l'autre, vers la différence, c'est l'expression de ses envies, de ses passions, que l'on partage avec des jeunes vivant à plusieurs centaines de kilomètres de chez soi.

Cette rencontre interculturelle c'est un enrichissement : découvrir et faire découvrir ses jeux, pédagogies, habitudes, expériences durant le rassemblement mais aussi durant des rencontres exclusives entre deux unités!

You're Up! c'est l'aventure qui vous permettra de partager un bout de vie ensemble!



Léif Chef,

Sidd dir op der Sich no engem flotten internationale Camp am Ausland am Summer 2015? Nieft dem Jamboree a Japan wäert mat den internationale Campen an Europa weider goen. Um Site <http://lgs.lu/iEquipe> fannt dir eng Réi international Campen als PDF, déi mir als international Equipe fir iech erausgesicht hunn.

Héiansdo sinn d'Alterslimiten aanesch, t'ewéi dat an eise Branchen de Fall ass, wann et op +-1 Joer ukënnt, frot einfach per E-mail no ob et an der Réi ass ee Jonken mat engem Joer manner oder méi matzebréngen, normalerweis ass dat keen Problem.

Denkt drun, dass all Camp am Ausland vum engem internationale Commissaire muss ënnerschriewe ginn. Wann dir op en internationale Camp wëllt goen, deen net op eiser Lëscht ass, ass dat ok, ausser an engem Fall: International Campe vu Scouten oder Guiden, déi net vum Weltverband WOSM oder WAGGGS unerkannt sinn, ginn d'office refuséiert. Kuckt also w.e.g. ob d'Associatioun de Logo vun WOSM oder WAGGGS oder en Homepage huet oder am Text dëse Punkt erwähnt gëtt. Bei Onsécherheet maacht eis eng E-mail! ic@lgs.lu

Bescht Guiden a Scoutsgréiss,

Frantzen Claude

You're Up! : Frankräich/Elsass 16.-23.07.2015

Internationale Freundschaft : Däitschland/Saargebiet-Beurig 16.-23.07.2015

Peak 2015 : England/Derbyshire 25.07.-01.08.2015

HaarlemJamborette : Holland/Spaarnwoude 26.07.-04.08.2015



Lëtzebuurger Guiden a Scouten



Genee, wéi 2014 invitéieren mir nees d'Verrieder vun de Grupperéit op eisen Neijooschpatt. Mir freeën eis, iech bei engem gemittleche Patt rëmzegesinn an dat neit Joer zesummen unzefänken.

Donneschdeg, den 8. Januar ëm 19 Auer an der Géisserei

Bescht Gréiss,
D'Team

P.S.: Vergiesst net, Iech op umeldung@lgs.lu unzemellen. Maacht w.e.g. just ee Mail pro Grupp. Well Parkplazen begrenzt sinn, kommt w.e.g. mat engem Auto oder am léifsten mam Bus.

Deng Memberskaart fir d'Joer 2015

„Schneid deng Memberskaart aus, däin Numm an deng Adress sti jo op där anerer Säit. Wann s de deng Memberskaart an der Libo weis, kriss du 10 % Rabatt op de Präis. Profitéier vun dëser Offer!



Libo. Liesen erliewen.

LUXEMBOURG	11, rue du Fort Bourbon	L-1249
GREVENMACHER	24, route de Trèves	L-6793
DIEKIRCH	2-4, rue de Brabant	L-9213
ETTELBRUCK	39-41, rue Prince Henri	L-9047
WILTZ	20, Grand-rue	L-9530



Nei scout.org Website

Maach och du däin Account bei scout.org op an deel deng Projeten a B.A.'en mat Guiden a Scouten aus der ganzer Welt. Inspiréier dech un de Projete vun den aneren.



Dezember		
20.12.2014	internat.Friiddensliichtfeier	Schengen
Januar		
08.01.2015	Neijoschpatt	Géisserei
14.01.2015	GC-Wanterenconter	Géisserei
21.01.2015	RaRo-Treff	
24.01.2015	GC-Formatioun	Géisserei
24.-25.01.2015	1. PS-Formatioun	Neihaischen
Februar		
06.-08.02.2015	Wëllefchers-STIP	Neihaischen
22.02.2015	Thinking Day	
27.02.2015	GC- gemittlechen Owend	
28.02.-01.03.2015	2. PS-Formatioun	Klierf
Mäerz		
14.03.2015	Kanu-Dag	Neihaischen
27.-29.03.2015	Biber-STIP	Géisserei
28.-29.03.2015	Reliése Weekend	Orval
29.03.2015	JoCaPi	
Abrëll		
10.-14.04.2015	RaRo-STIP	
16.-19.04.2015	Avex-STIP	
26.04.2015	Pélé des Jeunes	
29.04.2015	GC-Fréijorsrenconter	Sennengebiereg



Du häss Loscht an Zäit, dech beim internationale Camp 2017, dem GO|urban z'engagéieren? Du bass 2017 net als aktive Chef derbäi a sichts eng nei Erausforderung? Da schreif dech an op d'Mataarbechterlëscht um Site : <http://lgs.lu/opruffGOurban>. Mir freeën eis op dech !



De SHOP

5, rue Munchen-Tesch L-2173 Luxembourg
Tel.: 26 94 84 31 Fax: 26 94 84 32
www.lgs.lu/shop shop@lgs.lu

Dë: 15.00-18.00
Do: 15.00-19.00
Sa: 09.00-12.00

De Shop ass an de
Vakanzen zou!

Impressum



LGS Zeitung- N°1, 2014/2015
Zäitschrëft vun de Lëtzebuurger Guiden a Scouten,
kënn 3 mol am Joer eraus.
Redaktioun a Mataarbechter vun dëser Nummer :
Zeitungsekipp, Branchenekippen, d'Team,
PR-Ekipp, Verbandssekretariat&Safab, lokal
Gruppen, Service Publishing Saint-Paul
Fotooten : LGS, lokal Gruppen, PR-Ekipp
E grouse Merci, deenen, déi zu dësem Platte Knuet
bäigedroen hunn !
Editeur :
Lëtzebuurger Guiden a Scouten
5, rue Munchen-Tesch
L-2173 Luxembourg
www.lgs.lu
Contact : platteknuet@lgs.lu
Dréckerei :
Imprimerie Saint-Paul
Gedrëckt op 100% recycléierte Pabeier
Oplo : 5500 Stéck

Exp.: Lëtzebuurger Guiden a Scouten

Luxembourg
Port payé
P/S.400